LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 03 DEC. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 12:23, 03/12/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3116 du 9 novembre 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant l'impact de la pandémie de la Covid-19 sur le transport public, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n°3116 vum 9. November 2020 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet „Impact de la pandémie de la Covid-19 sur le transport public"

Den honorabelen Deputéierte stellt an dësen Zäite vun héijen Infektiounszuelen d'Fro ob Covid-19-Erkrankunge Repercussiounen op den ëffentlechen Transport hunn.

1. **Sinn am Mount Oktober méi Zich ausgefall, ewéi a normalen Zäiten ?**

   Bei den CFL, sinn net méi Zich a Busse wéi normal ausgefall, well Corona-bedéngt Personal gefeelt hätt.

   Et sief nach ze bemierken datt am Zuchverkéier Richtung Frankräich, d'SNCF déi aktuell Offer op zirka 80% reduzéiert huet, dëst well d'Demande duerch d'sanitär Mesuren a Frankräich zeréck gaangen ass.

2. **Sinn am Mount Oktober, méi Bussen ausgefall, ewéi an normalen Zäiten?**

   D'Leetstell vum Verkéiersverbond, déi de Busréseau vum RGTR géréiert, stellt fest dass d'Zuelen iwwert d'ganz Joer 2020 konstant bloufen.

3. **Sinn am Mount Oktober, méi Tramen ausgefall, ewéi an normalen Zäiten?**

   Opgrond vun der méi niddereger Nofro (-50%), ass décidéiert gi fir den Tram just nach am 5-Minuten Takt fueren ze loossen am Plaz am 4-Minuten Takt wéi am Ufank vum Joer. Dëst huet awer näischt mat Personalmangel ze dinn.

4. **Wéi vill Verspéidungen an Ausfäll sinn op feelend Personal zréck ze féieren?**

   Fir den Zuch:

   Et ass am Mount Oktober net zu Verspéidungen oder Ausfäll vun Zich komm, well d'Personal Corona-bedéngt ausgefall wier.

   Fir de Busréseau RGTR:

   Wat Ausfäll betrëfft, waren am Mount Oktober 5 Faarten ausgefall wéinst Covid-19-Erkrankungen. Dovunner konnten awer 4 Faarten ersat gi mat Hëllef vun engem aneren Busbetrib.

   Zweemol koum et zum Fall dass duerch Verkéierschaos am Süden (grouss Accidenter op den Autobunnen A3 an A4) d'Busbetriber un hier Grenze komm si fir Ersatzbussen, d.h. also och Ersatz-Chaufferen, eraus ze schécken, doduerch dass zevill Personal krankgemellt war, sou dass zwar de reguläre Busverkéier konnt assuréiert ginn, just d'Reserve net grouss genuch war. Op dësen 2 Deeg si wéinst deene Verspéidungen 11 Fahrten ausgefall. Allgemeng louch de Wäert vun der Pénktlechkeet am Mount Oktober awer am grénge Beräich bei 81%.

   Fir den Tram:

   Duerch ee relativ gerénge Krankestand an zousätzlecht Personal wat am Kader vun der Ouverture bis op d'Gare am Moment forméiert gëtt an och schonn zum Deel asazbereet ass, gouf et weder Verspéidungen nach Ausfäll vun Tramen.